ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Depot : Fernand Kartheiser

Lëtzebuerg, de 15. Dezember 2021

MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- d'Wunnkäschte fir vill Leit, a besonnesch fir akommesschwaach Familljen an Eenzelpersounen, een ëmmer méi héije Käschtefacteur duerstellen;
- d'Inflatioun an der Eurozon unzitt, an dat besonnesch och bei den Energiepräisser;

ass sech bewosst, datt

- d'Kafkraaft vun de Bierger opgrond vun dësen Entwécklunge weider ofhélt, och well zum Beispill d'Wunnkäschten an d'Energiekäschten net bzw. net integral indexéiert sinn;
- den Index doduerch net dee reale Kafkraaftverloscht kann erëmspigelen an opfänken;

fuerdert d'Regierung op,

- d'Käschte fir d'Wunnen a fir d'Energie op eng realistesch Manéier an den Index-Wuerekuerf mat opzehuelen.

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742